**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force** a.s.b.l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILÉS ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 - L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel:
**„Les Sacrifiés"**
Bulletin mensuel

Boite postale No 2415
**LUXEMBOURG-GARE**

Compte chèque postal No 3 13 29

Luxembourg, le 30 juillet 1985.
9, rue du Fort Elisabeth

# C I R C U L A I R E

__Betr.:__ D'Mass an der Häerz-Jesu-Kiirch zu Lëtzebuerg bei Geléenheet vun der Journée Commémorative Nationale vun den Enrôlés de Force den 8. September 1985.

Léiwe Komerod!

A sénger Sëtzung vum 5. Juli 1985 huet de Féderatiounscomité beschloss, datt vun dësem Joer un, an dat esou laang ewéi et geet, déi Mass an der Häerz-Jesu-Kiirch an der Haptstad vun Enrôlés de Force gesonge soll gin. Un a fir sech dierft dat keen Déng der Onméiglechkeet sin, well an eise Reihe get et Gott sei Dank nach genuch Komeroden, déi nët nëmmen eppes vu Musék a Gesank verstin, mä och a ganz besonnesch Kiirchemusék a -gesank kennen.
Well d'Zäit bis zum 8. September 1985 relativ kuerz as, fir eng regelrecht Chorale ze grënnen, - dat soll duerno geschéien - hu mer fir den Ufank ze maachen, 40 Komerode ruechtert d'Land ugeschriwen a froen och dech, fir matzemaachen.
Och dann, wann et dir eventuell nët méiglech sollt sin, op eiser nationaler Journée kënnen derbäi ze sin, invitéire mer dech, e Meendeg, den 12. August 1985 no Jonglënster ze kommen, wou mer äis um 20 Auer an der Schoul, Rue due Village, treffen , dann e méiglechst einfache Programm fir d'Mass zesummestellen a prouwen.
Alles anescht gesi mer bei där selwechter Geléenheet.
Mir rechne mat dénger Presenz a soen dir an dénger Famill e schéine Bonjour.

Fir de Féderatiounscomité,

Jhäng Hames

Dësen éischte Circulaire schékt dir
de Komerod Jos. Weirich, 52, Cité Thaelchen, 6145-Jonglënster
Tel.: 78 90 79